N°2273
Entrée le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit & Sport weiderzeleeden.**

Den 28 Abrëll 2025, huet d'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit den „Centre national pour victimes de violences (CNVV) a Präsenz vum Educatiounsminister, der Gesondheetsministesch an der Justizministesch ageweit. Dës zentral Ulafstell empfänkt, och ausserhalb vun de Bürosstonnen, all Persoun, erwuessen oder mannerjäreg, déi Affer vun all Zort vu Gewalt ginn ass, déi dann do op enger Plaz eng psychosozial Ënnerstëtzung, eng medezinesch Hëllef, polizeilech Hëllefsstellung mat Plainte a  juristescher Berodung kritt, an dëst vun enger pluridisziplinärer Ekipp.

Parallel dozou gëtt allerdéngs och äifreg un enger neier Ausriichtung vun der ALAD geschafft, déi dann esou ewéi nozeliese war den „ point de contact centralisé“ fir all Signalement vu Gewalt am Lëtzebuerger Sport soll ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. War de Sportminister net op d'Aweiung vum CNVV invitéiert, respektiv firwat war hien do net präsent?
2. Ass déi néi Struktur och geduecht fir Affer vu Gewalt, op Erwuessenen oder Kand, am Beräich vum Sport?
3. Mussen dës Affer fir d'éischt bei déi reforméiert ALAD goen ier se da vun do bei  den CNVV geschéckt ginn?
4. Ginn et hei net Iwwerschneidungen oder ginn et awer eventuell Synergien am Sënn vun den Affer vu Gewalt an Absens an der Sportswelt?
5. Wäert de Sportminister an dësem Sënn déi neidesch Informatiounen un d'Sportverbänn respektiv un d'Sportsveräiner ginn a wa jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten